



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
Direction générale du secteur de l'enfance  
Service de l'éducation et de l'accueil  
33, Rives de Clausen  
L-2165 Luxembourg



Administration communale de Mertzig  
22, rue Principale L-9168 Mertzig

Lëtzebuerg/Mäerzeg, den 18. Juni 2021

### **Schoulorganisation 2021-2022 // Keng Ännerung vum Schoulhoraire**

Léif Elteren, Enseignanten a Mataarbechter aus der Maison relais,  
Léif Schoukanner,

D'Gemeng Mäerzeg huet Ufank 2021 e partizipative Prozess lancéiert, an deem alleguerten d'Acteuren aus der Gemeng associéiert gi sinn, fir zesummen ze kucken, wéi d'Schoulorganisatioun an den Dagesoflaf vun de Kanner an Zukunft soll ausgesinn. Dobäi stoungen d'Interesse vun de Kanner an hir Entwécklung am Mëttelpunkt.

Den Educatiounsministère felicitéiert alle Bedeelegte fir dësen demokratesche Prozess, deen déi gesamte Communautéit mat agebonnen huet an deen den Ausdrock ass vun engem groussen Engagement fir d'Wuel vun de Kanner.

D'Gemeng Mäerzeg an hir Mataarbechter hunn sech villes virgeholl. An deene kommende Jore solle Schrëtt fir Schrëtt d'Gebaier vun der Schoul an der Maison relais erneiert ginn. Dobäi hu béid Equippen sech dozou engagéiert, fir am Interessi vun de Kanner méi enk zesummenzeschaffen. Dës Collaboratioun wäert sech och an der Opdeelung vun de Gebaier erëmispigelen, wou d'Gemeng Mäerzeg nei Weeër wäert goen.

Den Educatiounsministère ënnerstëtzt dës Bestriewungen, fir d'Schoul an d'Maison relais méi enk beieneenzeréckelen. An de Projet zu Mäerzeg ass ambitiéis an innovativ. Dofir wëll de Ministère d'Bildungspartner zu Mäerzeg an deene kommende Méint och aktiv ënnerstëtzen, well dorausser e Projet entstoe kann, vun deem aner Schoulen am Land och léiere kënnen.

Ee vun den Elementer vun der Schoulorganisatioun war och eng Adaptatioun vum Schoulhoraire. Op dësem Punkt sinn d'Meenunge vun den Experten an deene vergaangene Wochen auserneegaangen. Et gëtt esouwuel Argumenter fir den Horaire, deen aus dem Consultationsprozess ervirgaangen ass, wéi och Argumenter dogéint. Trotz de favorablen Resultater vun der Ëmfro an dem unanime Vote vum Gemengerot deen sech op d'Autonomie communale baséiert huet, huet den Educatiounsministère d'Argumenter an deene vergaangene Wochen ofgewien an sech schlussendlech géint dëse Modell ausgeschwat.



## GEMENG MÄERZEG

Administration communale de Mertzig  
22, rue Principale L-9168 Mertzig

No ville Gespräicher sinn d'Gemeng Mäerzeg, d'Schoulpartner an den Educationnsministère sech doranner eens ginn, dass een dat kommend Joer soll notzen, fir op de Viraarbechten an Virgespräicher opzebauen an no Alternativen ze sichen.

**Fir d'Schoulrentrée 2021/2022 wäerten dofir nach den aktuelle Schoulhoraire an Dagesoflaf, déi dëst Joer 2020/2021 ausgefouert goufen, weiderhin applizéiert ginn, esou dass sech um Horaire fir déi kommend Rentrée näischt wäert änneren:**

### Cycle 1 / Précoce

Horaire	Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
08h00 – 12h00	Cours	Cours	Cours	Cours	Cours
14h00 – 16h00	Cours		Cours		Cours

### Cycles 2 - 4

Horaire	Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
07h50 – 12h00	Cours	Cours	Cours	Cours	Cours
14h00 – 16h00	Cours		Cours		Cours

Am Laf vum Schouljoer 2021/2022 wäerten da vun der Gemeng a vum Ministère eng ganz Rei vu Workshoppen organiséiert ginn, wou nees all d'Schoulpartner associéiert ginn, a wou den Dagesoflaf vun de Kanner an der Schoul an an der Maison relais wäerten zesummen diskutéiert ginn.

Mir freeën eis, fir dësen ambitiëse Projet mat lech zesummen diskutéieren an realiséieren ze kënnen.

D'Gemeng Mäerzeg, d'Schoulpartner an de Ministère fir Education, Kanner a Jugend soen lech Merci fir Äert Vertrauen.

Fir d'Gemeng Mäerzeg,



Mike Poiré  
Buergermeeschter

Fir de Ministère fir Education,  
Kanner a Jugend,

Claude MEISCH

Ministre de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse